



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/12/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Beim TICE suergt aktuell eng Note de Service interne fir vill Onmutt bei de Chaufferen. Bis viru kuerzem duerften d'Chaufferen no engem Schichtwiessel vir an der Chaufferskabinn als Bäifuerer Platz huelen. Wann zum Beispill op enger Gare ee Schichtwiessel stattfënnt, ass et Usus, datt de Chauffeur, deen am Feierowend ass, nach ee kuerz Stéck matfiert, fir bis bei säin Auto ze kommen. Zënter dem Ufank vun der Covid-19-Pandemie zu Lëtzebuerg droen d'Chaufferen, déi sech am viregten Deel vum Bus befannen, dofir och eng Mask.

An enger Note de Service vun der TICE-Direktioun ginn d'Chaufferen elo opgefuerdert, no engem Schichtwiessel net méi als Bäifuerer vir beim Chauffeur ze setzen, mee hanne bei de Passagéier.

Wien d'Auslaaschtung vun de Busser an de leschte Woche gesinn huet, dee kann sech ausmolen, datt de Risiko als Passagéier am öffentliche Transport matzefuere méi héich ass, wéi vir ofgeschott hannert enger Ofspärung ze sëtzen. Net fir näischt goufen d'Chauffere vir am Bus hannert enger Ofspärung vun de Passagéier isoléiert. D'Chauffere mussen nämlech gesond bleiwen, well si systemrelevant sinn an ouni si den öffentliche Transport zum Erleie kënn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wëssend, datt de Minister a stännegem Kontakt an Austausch mam TICE ass, ass hien iwwert d'Decisioun beim TICE a Kenntnis gesat ginn? Betruecht de Minister dës Mesure als sënnvoll?
2. Gëllen änlech Consigne wéi beim TICE och bei aner Busoperateuren am öffentliche Transport? Falls nee, firwat net? Falls jo, zënter wéini a firwat?
3. Wou existéiert, dem Minister no, eng gréisser Infektiounsgefor fir d'Chaufferen: vir an der Kabinn oder hannen am Bus (wëssend, datt d'Chaufferen alle béid Masken unhunn)?



4. Geet den TICE mat dëser Mesure ee Risiko an, datt nach méi Buschauffere riskéiere krank ze ginn, wat erëm dozou féiere kéint, datt de Fuertakt misst erof gesat ginn?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député

